



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/08/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.

Zënter iwwer engem Joerzénge baut Lëtzebuerg d'Betreiungsinfrastruktur massiv aus: Crèchen, Mini-Crèches, Maisons relais, assistants parentaux, Gratuitéit, an elo d'Reform vum Chèque-service accueil mat der Schafung vun der AQUEN. D'Investitiounen sinn immens. Wat mir awer net hunn, ass eng ëffentlech, systematesch a vergläichbar Datebasis doriwwer, wat an dës Strukturen tatsächlech geschitt an ob d'Kanner dovunner profitéieren.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Kanner ginn aktuell an de services d'éducation et d'accueil, an de Mini-Crèches a bei den assistants parentaux betreit, opgeschlësst no Alterskategorie an no Zuel vun de Betreiuingsstonne pro Woch? Wéi huet sech dat zënter 2015 entwéckelt?
2. Wéi grouss ass den effektiv gemoossenen Encadrement-Taux, also d'Zuel vu Kanner pro qualifiziertem präsentem Erwuessenen, am Duerchschnëtt a virun allem an der Verdeelung (Median, 10. an 90. Perzentil)?
3. An a wéi vill Prozent vun de Betreiuingsstonne gëtt de reglementaresche Minimalschlëssel net erreecht?
Wéi setzt sech d'Personal an de SEA zesummen no Qualifikationsniveau (éducateur diplômé, éducateur gradué, aide socio-familiale, Quereinsteiger, Studenten, Interimaire)? Wéi huet sech dës Mix zënter 2015 entwéckelt?
4. Wéi héich sinn d'Fluktuatioun (Turnover) an de Krankestand am Secteur, a wéi fält de Verglach mat



der Gesamtwirtschaft aus? Wéi laang bleift eng Erzéierin am Duerchschnëtt an der selwechter Aariichtung?

5. Wéi vill Posten am Secteur sinn aktuell onbesat, a wéi vill Derogatiounen a Bezuch op Qualifikatiouns- oder Encadrement-Ufuerderunge goufen an de leschte fënnef Joer accordéiert?
6. Wéi vill Kontrollen a Visitten (ugekënnegt an net ugekënnegt) goufen zënter 2020 duerchgefouert, wéi vill Bemängelunge goufen zrëckbehalen, a wéi vill Agremente goufe suspendéiert oder zrëckgezunn?
7. Existéiert e Melderegister fir Virfäll an de Strukturen (Verletzungen, Vernoléissegung, kierperlech oder psychesch Gewalt)? Wa jo, wéi vill Fäll goufe pro Joer gemellt an u wie ginn se iwwermëttelt? Wann net, firwat net?
8. Wéi vill Elterebeschwerde koumen zënter 2020 beim Ministère eran, a wéi verdeelen si sech op Themen? Ginn d'Elteren iwwer d'Resultat vun enger Kontroll an hirer Aariichtung informéiert?
9. Wéi vill Qualitéitsberoder beschäftegt d'AQUEN, wéi vill Strukture betreit e Beroder am Duerchschnëtt, a mat wéi enger Frequenz? Ginn d'Evaluatiounsresultater publizéiert, a wa jo, och pro Aariichtung?
10. Gëtt d'pedagogesch Qualitéit mat validéierten, international vergläichbaren Instrumenter gemooss (z.B. KES-R, CLASS oder Equivalent)? Wa jo, wat sinn d'Resultater? Wann net, ass d'Regierung bereet, sou eng nationale Qualitéitsmoossung anzeféieren, esou wéi d'Nubbek-Studie et an Däitschland gemaach huet?
11. Gouf de programme d'éducation plurilingue zënter senger Aféierung 2017 extern evaluéiert? Wa jo, mat wéi enge Resultater a wou sinn se publizéiert?
12. Existéiere Laangzäitdonnéeën, déi den Encadrement an der Klengkanderzéiung mat de spéideren ÉpStan-Resultater a mat der Schoulorientéierung verbannen? Wann net, ass d'Regierung bereet, bei dem LUCET, dem OEJQS oder dem LISER sou eng Etude unzefroen?
13. Wéi héich sinn d'Gesamtkäschte pro Kand a pro Joer, Stat a Gemengen zesummegerechent? Gouf jeemools eng Käschen-Notzen-Analys oder eng Evaluatioun vun der Effikassitéit vun dësen Ausgabe gemaach?
14. Ass d'Regierung bereet, e järeliche "Rapport national sur la qualité de l'accueil" mat öffentlechen, vergläichbaren Indicateuren anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven
Deputéierten





**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro
Nr. 4673 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

1. Wéi vill Kanner ginn aktuell an de services d'éducation et d'accueil, an de Mini-Crèches a bei den assistants parentaux betreit, opgeschlësselt no Alterskategorie an no Zuel vun de Betreuungsstonne pro Woch? Wéi huet sech dat zënter 2015 entwéckelt?

Zanter 2015 ass d'Zuel vun de Kanner, déi an e Service d'éducation et d'accueil (SEA) opgeholll goufen, fir béid Altersgruppe (enfants scolarisés/enfants non scolarisés) geklommen. D'Dageselteren hunn dogéint am Laf vun der Zäit manner Kanner aus béiden Altersgruppen opgeholll.

<i>Mois de juin de l'année</i>	<i>Nombre d'enfants non scolarisés accueillis chez un AP</i>	<i>Nombre d'enfants scolarisés accueillis chez un AP</i>	<i>Nombre d'enfants non scolarisés accueillis en SEA</i>	<i>Nombre d'enfants scolarisés accueillis en SEA</i>	<i>Nombre d'enfants non scolarisés accueillis en MC</i>
2015	1 323	1 829	11 626	29 567	
2016	1 340	2 122	12 366	30 389	
2017	1 274	2 198	13 515	31 822	
2018	887	2 395	14 542	33 673	
2019	791	2 241	16 083	34 798	
2021	647	1 916	18 538	34 246	27
2022	626	1 783	19 305	37 319	29
2023	553	1 620	20 012	40 166	32
2024	550	1 489	20 166	42 842	58
2025	501	1 426	20 179	44 649	73
2026	423	1 350	19 886	45 885	67

2. Wéi grouss ass den effektiv gemoossenen Encadrement-Taux, also d'Zuel vu Kanner pro qualifizéiertem präsentem Erwuessenen, am Duerchschnëtt a virun allem an der Verdeelung (Median, 10. an 90. Perzentil)?

De reglementaresche Kader definéiert d'Betreiungsverhältnisser, déi vun de Gestionnaire vum de SEA mussen agehale ginn. Dëse Kader gëtt vum Ministère kontrolléiert.

De modifizéierte Règlement grand-ducal vum 14. November 2013 iwwert den Agrément, deem de SEA zouzestëmme ass, gesäit aktuell folgend Betreiungsverhältnisser vir:

- fir Kanner vun 0 bis 2 Joer: maximal sechs Kanner pro qualifizéiertem Erwuessenen;
- fir Kanner vun 2 bis 4 Joer: maximal aacht Kanner pro qualifizéiertem Erwuessenen;
- fir Kanner vu 4 bis 12 Joer: maximal 11 Kanner pro qualifizéiertem Erwuessenen.

Am Kader vun der Reform gëtt den Encadrement-Taux fir déi méi jonk Kanner progressiv verbessert. Fir d'Kanner vun 0 bis 2 Joer wäert d'Verhältnis bis 2029 schrëttweis vu sechs op féier Kanner pro Erwuessenen erofgesat ginn. Fir d'Kanner vun 2 bis 4 Joer wäert d'Verhältnis vun aacht op sechs Kanner pro Erwuessenen erofgesat ginn. Fir d'Kanner vu 4 bis 12 Joer bleift dat aktuellt Verhältniss vun 11 Kanner pro Erwuessenen onverännert.

Dës gesetzlech festgeluechte Betreiungsverhältnisser bilden de Referenzkader fir d'Organisation an d'Kontroll vum Encadrement an de SEA.

3. An a wéi vill Prozent vun de Betreuungsstonne gëtt de reglementaresche Minimalschlëssel net erreecht? Wéi setzt sech d'Personal an de SEA zesummen no Qualifikationsniveau (...)? Wéi huet sech dës Mix zanter 2015 entwéckelt?

D'Gestionnaire vum de SEA si verpflichtet, déi reglementaresch Bestëmmunge betreffend dem Betreiungsverhältnis an der Qualifikation vum Personal ze all Moment anzehalen.

Den Artikel 7 vum *Règlement grand-ducal modifié du 14 novembre 2013 et d'accueil concernant l'agrément à accorder aux gestionnaires de services d'éducation pour enfants* definéiert d'Qualifikationskategorien an d'Modalitéit fir d'Zesummesetzung vum Personal. D'Règlement präziséiert am Artikel 10 datt den Träger verpflichtet ass, d'Personalressourcen esou ze organiséieren, datt de ganze Dag iwwer zu all Moment de Betreuungschlëssel agehale gëtt, fir de Fonctionnement vun engem Service ze garantéieren.

D'Anhale vun de reglementaresche Viraussetzunge gëtt am Kader vun den Agréments- a Kontrollprozedure vum Ministère iwerpréift.

4. Wéi héich sinn d'Fluktuatioun (Turnover) an de Krankestand am Secteur, a wéi fält de Verglach mat der Gesamtwirtschaft aus? Wéi laang bleift eng Erzieherin am Duerchschnëtt an der selwechter Ariichtung?

D'Gestioun vum Personal, an domat och d'Erfaassung vu Krankheitsabsenzen a Personalwiessel, fält ënnert d'Responsabilitéit vun de jeeweilege Gestionnairen.

Dem Ministère leien keng harmoniséiert Donnéeën fir de gesamte Secteur vir, déi et erlaben, den *Turnover*, de Krankestand oder déi duerchschnëttlech Beschäftigungsdauer an enger bestëmmter Struktur ze berechnen an dës Indicateure mat der Gesamtwirtschaft ze vergläichen.

5. Wéi vill Posten am Secteur sinn aktuell onbesat, a wéi vill Derogatiounen a Bezuch op Qualifikatiouns- oder Encadrement-Ufuerderunge goufen an de leschte fënnef Joer accordéiert?

Dem Ministère leie keng Donnéeën vir, déi et erlaben, d'Zuel vun den aktuell onbesate Posten am gesamte Secteur zouverlässeg ze chiffrieren.

Wat d'Qualifikatiouns- an Encadrement-Ufuerderunge betrëfft, gesäit de reglementaresche Kader keng Méiglechkeet vir, vun de virgeschriwwenen Ufuerderungen duerch eng individuell Derogatioun ofzewäichen. D'Gestionnaire müssen déi applicabel reglementaresch Bestëmmunge zu all Moment respektéieren.

Dës Ufuerderunge stellen e wesentlecht Element vun der struktureller Qualitéit vun de SEA duer.

6. Wéi vill Kontrollen a Visitten (ugekënnegt an net ugekënnegt) goufen zënter 2020 duerchgefouert, wéi vill Bemängelunge goufen zréckbehalen, a wéi vill Agremente goufe suspendéiert oder zréckgezunn?

Zanter 2020 goufen am Beräich vun den Bildungs- a Betreuungsstrukturen insgesamt 13.870 Kontrollen duerchgefouert. Dës ëmfaassen:

- 2.190 Kontrollen am Kader vun den Decepté vum conventionnéierte Secteur,
- 1.902 onugekënnegt Kontrollen, dorënner 622 onugekënnegt Visitten vun de Strukturen,
- 1.494 ugekënnegt Visitten am Kader vum Agrément,
- 8.284 ugekënnegt Visitten duerch d'Conseillers qualité (fréier Agents régionaux). Dës Visite sinn Deel vum gesetzlech verankerte Qualitéitsdispositif a bezéie sech notament op d'pedagogesch Qualitéitsentwécklung an de Strukturen.

Am Kader vun de Kontrollen goufen insgesamt 1.000 Mises en demeure oder Avertissements ausgestallt.

Wat d'Agremente betrëfft, goufen zanter 2020 insgesamt féier Agremente suspendéiert an 20 Agremente entzunn.

7. Existéiert e Melderegister fir Virfäll an de Strukturen (Verletzungen, Vernoléissegung, kierperlech oder psychesch Gewalt)? Wa jo, wéi vill Fäll goufe pro Joer gemellt an u wie ginn se iwwermëttelt? Wann net, firwat net?

Virfäll, Reklamatiounen oder Informatiounen, déi op méiglech Verstéiss géint déi gesetzlech oder reglementaresch Bestëmmungen oder op eng Gefährdung vum Wuel vun engem Kand hiweisen, kënnen dem Ministère gemellt ginn. Dës Meldunge ginn am Kader vun de jeeweilegen zoustännege Prozeduren analyséiert a behandelt a, wann néideg, un déi zoustänneg Instance weidergeleet.

De Schutz vun de Kanner gëtt am Kader vun der aktueller Reform weider gestärkt. De Projet de loi Nr. 8686 gesäit vir, datt d'Strukture vun der non-formaler Bildung iwwer e Schutzkonzept verfuegen müssen. Dëst Schutzkonzept ass am Kader vun der Prozedur fir d'Ufro vun der Unerkennung als Prestataire vum Chèque-Service Accueil virzeleeën.

Dëst Schutzkonzept soll d'Strukturen dozou verpflichten, sech systematesch mat méiglechen Risiken a Geforen auserneezenetzen an entspriechend Preventiouns-, Melde- an Interventiounsprozeduren festzeleeën. D'Zil ass et, de Kannerchutz net nëmmen duerch d'Reaktioun op eenzel Virfäll, mee och duerch systematesch Preventioun, kloer Responsabilitéiten an eng entspriechend Schutzkultur an de Strukturen ze stäerken.

De Projet de loi gesäit ausserdeem vir, e System fir de Beschwerdemanagement an de Strukture verbindlech ze verankeren iwwer d'Prozedur fir d'Ufro vun der Unerkennung als Prestataire vum Chèque-Service Accueil. Domat sollen transparent an zougänglech Weeër geschafe ginn, iwwer déi Kanner, Jugendlecher, Familljen souwéi Professioneller Reklamatiounen oder Bedenke kënnen virbréngen an dës systematesch behandelt ginn.

8. Wéi vill Elterebeschwerde koumen zënter 2020 beim Ministère eran, a wéi verdeelen si sech op Themen? Ginn d'Elteren iwwer d'Resultat vun enger Kontroll an hirer Ariichtung informéiert?

Zanter 2020 si beim Ministère insgesamt 843 Elterebeschwerden erakomm. Déi wichtegst Themen, déi an dës Reklamatiounen ugeschwat ginn, betreffen:

- d'Facturation,
- den Encadrement,
- d'Relatioun tëscht den Elteren an der Struktur,
- de Kontrakt mat der Struktur an
- d'Sécherheet.

D'Reklamatiounen ginn analyséiert a kënnen, jee no Inhalt a Gravitéit, zu weidere Moosnamen oder Kontrollen duerch de Ministère féieren.

D'Resultater vun enger Kontroll betreffen d'Relatioun tëscht dem Ministère an der kontrolléierter Struktur a ginn net systematesch un d'Eltere kommunizéiert. Wann eng Kontroll oder eng aner Moosnam opgrond vun enger konkreter Reklamatioun vun den Elteren ageleet gëtt, kann den Elterendeel awer am Kader vun der Behandlung vu sengem Dossier iwwer d'Weiderbehandlung vu sengem Uleies informéiert ginn.

9. Wéi vill Qualitéitsberoder beschäftegt d'AQUEN, wéi vill Strukture betreit e Beroder am Duerchschnitt, a mat wéi enger Frequenz? Ginn d'Evaluatiounsresultater publizéiert, a wa jo, och pro Ariichtung?

D'AQUEN verfuegt aktuell iwwer 24,25 besaten Equivalent-temps-plein (ETP) am Beräich vun de Qualitéitsberoder. Dës begleeten am Kader vun hirer Missioun insgesamt 1.240 Strukture vun der non-formaler Bildung, dovun 929 SEA-Strukturen an 311 Assistants parentaux. Rechneresch entsprécht dës ronn 51 Strukture pro ETP.

Dës Moyenne seet allerdéngs näischt iwwer d'Intensitéit vun der Begleitung vun enger einzelner Struktur aus. Fir all Struktur ass op d'mannst eng Visitt pro Joer virgesinn. Doriwwer eraus kënnen, jee no Besoin, weider Visite stattfannen, entweder op Ufro vun der Struktur selwer oder op Ufro vum Ministère, wann et néideg ass, bestëmmten Entwécklungsprozesser méi intensiv ze begleeten.

Well et sech bei dëser Begleitung net ëm eng Evaluatioun vun den Ariichtungen handelt, ginn och keng Evaluatiounsresultater am Sënn vun enger Bewäertung oder Klassifikatioun vun den einzelnen Strukturen erhuewen. Deementspreechend ginn och keng esou Resultater, weder op nationalem Niveau nach pro Ariichtung, verëffentlecht.

10. Gëtt d'pedagogesch Qualitéit mat validéierten, international vergläichbaren Instrumenter gemooss (z.B. KES-R, CLASS oder Equivalent)? Wa jo, wat sinn d'Resultater? Wann net, ass d'Regierung bereet, sou eng national Qualitéitsmoossung anzeféieren, esou wéi d'Nubbek-Studie et an Däitschland gemaach huet?

D'Qualitéit vun der non-formaler Bildung gëtt zu Lëtzebuerg iwwer e gesetzlech verankerte Qualitéitsdispositiv ofgeséichert, deem op de gesetzlechen a reglementaresche Voraussetzungen an op

dem nationale Referenzkader fir déi non-formal Bildung (*Cadre de référence national sur l'éducation non formelle*) baséiert. Dobäi gëtt vun engem multidimensionale Qualitéitsverständnis ausgaangen, bei deem d'Qualitéitssécherung an d'Qualitéitsentwécklung sech op verschidde komplementär Instrumenter a Prozesser stëtzt.

Dozou gehéieren ënner anerem d'pedagogesch Konzept (*CAG - concept d'action général/PE - projet d'établissement*), d'Dokumentatioun vun der pedagogescher Praxis (*Journal de bord/Rapport d'activité*), reegelméisseg Formatioune fir déi Professionell an de Strukturen an d'fachlech Begleedung vun de Strukturen an hirer Qualitéitsentwécklung. Dës Instrumenter erlaben et, déi pedagogesch Praxis reegelméisseg ze reflektéieren an am Bezuch op d'Ziler an de Prinzipie vum nationale Referenzkader weiderzeentwéckelen.

Opbauend op den Erfarunge vun de leschten 10 Joer soll dës Qualitéitsdispositif mam Projet de loi Nr. 8686 weiderentwéckelt a gestärkt ginn. De Fokus gëtt dobäi nach méi staark op eng systematesch Qualitéitsentwécklung an d'Verankerung vun engem un déi jeeweileg Struktur ugepasste Qualitéitsmanagement geluecht. Qualitéitsmanagement gëtt dobäi als e kontinuéierleche Prozess verstanen, an deem déi pedagogesch Praxis reegelméisseg reflektéiert, evaluéiert a weiderentwéckelt gëtt. Déi verschidden Instrumenter vun der Qualitéitsentwécklung sollen nach méi konsequent openee bezunn an e kohärente Qualitéitsprozess agebonne ginn. D'Strukture gi vun de Conseillers qualité an dësem Prozess fachlech begleet an ënnerstëtzt.

Ofhängeg vun den Ziler an de spezifesche Besoine vun den eenzelnen Strukturen oder Träger kënnen och international etabléiert a validéiert Instrumenter, wéi beispillsweis KES-RZ oder vergläichbar Instrumenter, agesat ginn. Dës Instrumenter déngen an deem Kontext virun allem dozou, d'pedagogesch Praxis ze reflektéieren, Stärkten an Entwicklungsfelder ze identifizéieren an d'Qualitéitsentwécklung um Niveau vun den eenzelnen Aariichtungen ze ënnerstëtzen. Si sinn net Bestanddeel vun engem nationale standardiséierte System fir d'Miessung, d'Bewäertung oder d'Klassifikatioun vun de Strukturen.

Well dës Erhiewungen a verschiddene Kontexter, mat ënnerschiddlechen Instrumenter an zu verschiddenen Zäitpunkten duerchgefouert ginn, ginn d'Resultater net zentral zesummegefouert a kënnen net als Basis fir wëssenschaftlech valabel national Vergläicher déngen. Dem Ministère leien deemno keng national Resultater am Sënn vun der an der Fro genannter NUBBEK-Studie vir.

11. Gouf de programme d'éducation plurilingue zënter senger Aféierung 2017 extern evaluéiert? Wa jo, mat wéi enge Resultater a wou sinn se publizéiert?

De Programme d'éducation plurilingue gëtt zanter senger Aféierung 2017 vun engem wëssenschaftleche Rot begleet. Dës wëssenschaftleche Rot gëtt all Joer seng extern Vue op de Programm a beréit de Ministère a senger Ëmsetzung, sief dat zum Inhalt vum Programm, zu de Formatioune vun de Référents pédagogiques oder zu de pädagogesche Ressourcen. Zanter 2017 huet de Rot 20 renomméiert Wëssenschaftler aus de Beräicher Sproochentwécklung, Méisproochegkeet a méisproocheg Bildung aus néng verschiddene Länner zesummebruecht. 2020 gouf en éischte Bericht *La mise en oeuvre du programme d'éducation plurilingue – Bilan 2017-2020* iwwert de Programm publizéiert, deem op [Enfancejeunesse.lu](https://enfancejeunesse.lu) nogelies ka ginn. En zweete Bilan (2017-2027) ass aktuell an der Planung.

Zousätzlech liwwert déi extern OECD-Länneriwwerpräiwung vun 2022 *Strengthening Early Childhood Education and Care in Luxembourg*, déi vun der Regierung bei der OECD an Opdrag gi gouf, eng extern Bewäertung vun der Ëmsetzung vun der fréikandlecher non-formaler Bildung zu Lëtzebuerg, woubäi

och e spezifesch Fokus op déi méisproocheg Bildung geluecht gouf. De komplette Bericht vun der OECD ass op hirer Säit [OECD.org](https://www.oecd.org) publizéiert.

D'OECD bewäert de Lëtzebuerger Programm fir méisproocheg Bildung als ambitiéis a wëssenschaftlech fundéiert a stellt ënner anerem eng positiv Entwécklung vun der Haltung vum pedagogesche Personal vis-à-vis vun der Méisproochegkeet an den Familljesproocher vun de Kanner fest. Gläichzäiteg weist d'OECD op Entwéicklungspotenzialer hin, notament bei der Ëmsetzung vum Programm an de Strukturen, der Weiderqualifizéierung vum Personal, der Valorisation vun alle Familljesproochen an dem Monitoring vun de sproochlechen Interaktiounen.

De wëssenschaftleche Rot, d'Berichter, sou wéi och sëlleg Consultatiounen mat de Professionellen aus dem Secteur, kommen ëmmer zu der selwechter Conclusioun: déi fréi méisproocheg Bildung ass wichteg fir de Kanner hir Sproochentwécklung, hiert Wuelbefannen an hir Identitéit, an dréit zu besserer Bildungschance bäi.

D'Reckmeldunge vun der OECD, vum wëssenschaftleche Rot a vun de Professionellen aus dem Secteur fléisse kontinuierlech an d'Qualitéitsentwécklung vum Programme d'éducation plurilingue mat an.

12. Existéiere Laangzäitdonnéeën, déi den Encadrement an der Klengkanderzéiung mat de spéideren ÉpStan-Resultater a mat der Schoulorientéierung verbannen? Wann net, ass d'Regierung bereet, bei dem LUCET, dem OEJQS oder dem LISER sou eng Etude unfroen?

D'Bedeutung vun der non-formaler Bildung fir d'Entwécklung an d'Bildungschancë vun de Kanner ass zu Lëtzebuerg an de leschte Joren am Kader vu verschiddenen nationalen an internationalen Etüden an Analysen ënnersicht ginn.

Dozou gehéieren notament:

- d'OECD-Analys *Strengthening Early Childhood Education and Care in Luxembourg: A Focus on Non-formal Education* vun 2022;
- de *Nationaler Bericht 2022 zur Situation der Kinder in Luxemburg – Wohlbefinden von Kindern in Luxemburg*;
- d'Etüd *Early Childhood Education and Care in Luxembourg* vum Luxembourg Centre for Educational Testing (LUCET) vun 2023;
- de Bericht *SEA-Strukturen – Herausforderungen und Perspektiven der non-formalen Bildung* vum Observatoire national de l'enfance, de la jeunesse et de la qualité scolaire (OEJQS) vun 2025.

Dës Etüden an Analysen beliichten aus ënnerschiedleche Perspektiven d'Entwécklung vum Secteur, d'Qualitéit an d'Notzung vun den Offeren, d'Wuelbefanne vun de Kanner, d'Chancëgerechtegkeet an den Zesummenhang tëscht dem Besichen vun enger Bildungs- a Betreuungsstruktur an der Entwécklung vun de Kanner.

Besonnenesch d'LUCET-Etüd vun 2023 liwwert an dësem Kontext wichteg Erkenntnisser. Si ënnersicht ënner anerem, op Basis vun den Épreuves standardisées (ÉpStan) aus de Joren 2015 bis 2021, den Zesummenhang tëscht dem Besuch vun enger Crèche, dem Précocé respektiv dem Cycle 1 an de Kompetenze vun de Kanner am Cycle 2.1. D'Resultater weisen positiv Zesummenhäng tëscht dem Besichen vun enger Bildungs- a Betreuungsstruktur an de spéideren Kompetenzen vun de Kanner. Dës Zesummenhäng weisen sech ënner anerem am Beräich vum Sproochverstoen a si besonnenesch relevant fir Kanner, déi d'Lëtzebuergesch net doheim schwätzen.

Dës national Erkenntnisser reien sech an eng breet international wëssenschaftlech Evidenz an. D'Fuerschung weist, datt déi éischt Liewensjoren eng zentral Phas fir d'Entwécklung vum Kand duerstellen an datt eng sécher, stimuléierend a qualitativ héichwäerteg Bildungs- a Betreuungsëmwelt déi sproochlech, kognitiv, sozial a sozio-emotional Entwécklung vun de Kanner ënnerstëtze kann.

Och d'OECD huet sech 2022 am Kader vun enger spezifischer Analys intensiv mam Lëtzebuerger System vun de non-formalen Bildungs- a Betreuungsstrukturen befaasst. Si huet dobäi déi ambitiéis politesch Agenda am Beräich vun der fréier Bildung an déi substanzuell ëffentlech Investissementer vu Lëtzebuerg ervirgehewen.

Eng longitudinal Donnéeëbasis, déi den individuellen Ëmfang an d'Konditiounen vum Encadrement vun engem Kand iwwer seng ganz fréi Kandheet systematesch mat senger spéiderer ÉpStan-Resultater an der Schoulorientéierung verknëppt, besteet an dëser spezifischer Form aktuell net. Mat den Analysen vum LUCET, den Aarbechte vum OEJQS, dem nationale Kannerbericht an den internationalen Evaluatiounen besteet schonn haut eng breet wëssenschaftlech Basis, op där déi weider Entwécklung vum Secteur opbaue kann. D'Regierung wäert dës wëssenschaftlech Aarbechten an déi verfügbar Donnéeën weider notzen, fir d'Entwécklung an d'Wirkung vun der non-formaler Bildung ze analyséieren an de Secteur evidenzbaséiert weiderzeentwéckelen. An dësem Kontext kann och gepréift ginn, a wéi engem Mooss bestoend Donnéeën an Zukunft nach méi systematesch matenee verknëppt an ausgewäert kënne ginn.

13. Wéi héich sinn d'Gesamtkäschte pro Kand a pro Joer, Stat a Gemengen zesummegerechent? Gouf jeemoools eng Käschten-Notzen-Analys oder eng Evaluatioun vun der Effikassitéit vun dësen Ausgabe gemaach?

De Begrëff Gesamtkäschte ass schwéier ze faassen an doduerch eng präzis Äntwert kaum méiglech.

D'Ausgabe fir 2024 (dëst sinn déi lescht offiziell Zuelen, festgehalten am Gesetz vum 19. Dezember 2025 iwwer d'Reglement vum allgemenge Kont fir d'Exercice 2024):

- 291 Mio. € asbl (association sans but lucratif als gestionnaire)
- 150 Mio. € Gemengen als gestionnaire
- 17 Mio. € AP (assistance parentale)
- 255 Mio. € net konventionéiert gestionnaires
- Insgesamt: 714 Mio. €

D'Zuelen aus dem Budget 2026:

- 352 Mio. € asbl (association sans but lucratif als gestionnaire)
- 207 Mio. € Gemengen als gestionnaire
- 17 Mio. € AP (assistance parentale)
- 295 Mio. € net konventionéiert gestionnaires
- Insgesamt: 871 Mio. €

D'Analysen vum LUCET op Basis vun ÉpStan-Donnéeën weisen positiv Zesammenhänge tëscht dem Besuch vun enger Struktur vun der fréier Bildung a Betreuer an de Kompetenzen vun de Kanner beim Schoulufank. Besonnesch am Beräich vum Sproochverstoen weisen d'Resultater op positiv Zesammenhänge hin, notament bei Kanner, déi d'Sprooch vum Schoulunterricht net doheim schwätzen. Dës wëssenschaftlech Erkenntnisser weisen op e positiven edukative Bäitrag vun der fréier Bildung a Betreuer hin. Si stellen awer keng Käschten-Notzen-Analys am ekonomesche Sënn duer.

14. Ass d'Regierung bereet, e järeleche „Rapport national sur la qualité de l'accueil“ mat öffentlechen, vergläichbaren Indicateuren anzeféieren?

D'Formuléierung „mat öffentlechen, vergläichbaren Indicateuren“ an der Fro ass net präzis definéiert, soudatt eng konkret Äntwert op dës Fro schwiereg ass. Et misst virun allem gekläert ginn, wéi eng Dimensiounen hei gemengt sinn, op wéi eng Donnéeën d'Indicateure baséieren a wéi eng Form vu Vergläichbarkeet ugestriift gëtt.

D'Entwécklung an d'Qualitéit vun der non-formaler Bildung ginn haut schonn iwwer verschidden Instrumenter, Evaluatiounen a Publikatiounen dokumentéiert. Dobäi ginn ënner anerem Donnéeën iwwer d'Entwécklung vum Secteur, d'Offer, d'Participatioun an déi strukturell Kaderbedingunge berécksiichtegt.

Am Kader vun der Weiderentwécklung vum nationale Qualitätsdispositif gëtt och un der Verbesserung an der Harmoniséierung vun der Datebasis souwéi un der Definitioun vu relevanten Indicateuren geschafft. Zil ass et, d'Entwécklung vun der Qualitéit am Secteur an Zukunft nach méi systematesch, transparent an op Basis vu relevante a fiabelen Donnéeën ze dokumentéieren.

Dës Aarbechte sollen et erlaben, an Zukunft d'Qualitéit an d'Entwécklung vum Secteur méi systematesch ze dokumentéieren an doriwwer ze informéieren.

Lëtzebuerg, den 9. Oktober 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH